PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/04/2020

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Famill an Integratioun & Gesondheet weiderzeleeden.**

D'Maske fir de Schutz virum Cornavirus si mëttlerweil vun de Gemengen un all Stot zu Lëtzebuerg verschéckt ginn. Wëssend, datt ee muss eng fest Adress zu Lëtzebuerg hunn, fir d'Maske geschéckt kënnen ze kréien, stellen sech eng Rei Froen, wat d'Sans-Abrien betrëfft, déi dem Virus méi wéi all aner Biergerinnen a Bierger ausgeliwwert sinn a gezwongen sinn hiert Liewen op der Strooss ze verbréngen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Madamm Ministesch fir Gesondheet, Madamm Familljeministesch, kruten déi Biergerinnen a Bierger, déi op der Strooss liewe Masken ? Wa jo, ob wéi engem Wee ?

2. Huet d'Regierung Kenntnis vun Zuele betreffend der Verbreedung vum Virus innerhalb vun dësen defavoriséiere Biergerinnen a Bierger ?

3. Wéi akut ass d'Situatioun fir déi Betraffen a steet hinnen all Hëllef zur Verfügung, déi och deene Leit mat festen Wunnsëtz zu Verfügung steet ?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député